

Wat sinn déi verschidden Aspekter vun der Qualitéit ?

Bei den Dageselteren, Crèchen a Maison-Relais gëtt d'Qualitéit ënnert verschiddene Gesiichtspunkte gekuckt. Et gëtt vu sechs "Qualitéitsdimensiounen" geschwat. Déi sinn:

- Qualitéit vun der Betreung
- Qualitéit vun de Raim an dem Material
- Qualitéit vum Ëmgang mam Kand
- Qualitéit vun de Spill- a Léierméiglechkeeten
- Qualitéit vun de Relatiounen mat den Elteren
- internt Qualitéitsmanagement

Bei der Qualitéit vun der Betreung geet et ëm de Personalschlëssel, d'Qualifikatioun an déi regelméisseg Weiterbildung vum Personal.

Bei der Qualitéit vun de Raim an dem Material geet et ëm d'Gréisst vun de Raimlechkeete bannena baussen, souwéi d'Sécherheets- an Hygiënumoosnamen. Et geet och drëm op d'Infrastruktur kandgerecht ageriicht ass. Donieft gëtt gekuckt op genuch an altersgerecht Spill- a Léiermaterial do ass an op d'Zoustand an engem gudden Zoustand ass. Och wéi gutt d'Kanner selwer un d'Spill- a Léiermaterial kommen, spillt eng Roll.

D'Qualitéit vun der Betreung, an d'Qualitéit vun de Raim an dem Material si grondleeënd an noutwendeg fir eng gutt Bildungs- a Betreuungsoffer ubidden ze kënnen. Et gëtt hei och nach vu "Strukturqualitéit" geschwat

Dräi aner Qualitéitsdimensiounen betreffe Beräicher, déi direkt domat ze dinn hunn wéi a wat d'Kand an der Ariichtung erlieft.

Esou geet et bei der Qualitéit vum Ëmgang mam Kand haaptsächlech dorëm wéi mam Kand geschwat a geschafft gëtt. Et gëtt gekuckt wéi op de Kanner hir Besoine reagiert gëtt a wéi d'Kanner participéiere kënnen. Bei dëser Qualitéitsdimensioun spillen d'Aspekter vun der "Partizipatioun" a vun der "Inklusioun" eng wichteg Roll.

Bei der Qualitéit vun de Spill- a Léierméiglechkeete geet et haaptsächlech ëm d'Diversitéit vun deem wat d'Kanner maachen an erliewe kënnen. Et gëtt gekuckt wéi d'Kanner, onofhängeg vun hirem Alter, hiren eegenen Interessen am Alldag nogoe kënnen, a wéi si sech an ënnerschiddlechen Themeberäicher ausprobéiere kënnen. D'Offer an de Bildungs- a Betreuungsstrukture soll variéiert sinn an déi verschidden Handlungsfelder aus dem nationale Bildungsrahmenplan ofdecken.

D'Eltere spillen eng wesentlech Roll fir d'Kanner. Duerfir gëtt och gekuckt wéi d'Eltere mat an d'Aarbecht vun de Bildungs- a Betreuungsstrukturen agebonne kënnen ginn.

Hei si besonnesch d'"Iwwergangsphasen" wichteg. Eng dovun ass d'Agewinnungszeit, also déi Zeit déi virgesinn ass fir d'Kand drun ze gewinne bei d'Dageselteren, an d'Crèche oder an d'Maison Relais ze goen.

D'ëst ass eng Etapp wou eng gutt Zesummenaarbecht mat den Elteren wichteg ass, fir et dem Kand, mee och den Elteren, esou einfach wei méiglech ze maache fir lass ze loossen. Och den deeglechen Accueil moies, an den Depart méi spéit am Dag, si kleng Iwwergangsphase fir d'Kand. Och do spillt den

Austausch tëscht den Erzéier an den Elteren eng Roll. Well wann d'Kand mierkt, datt jiddereen un engem Strang zitt, hëlleft him dat, sech iwwert den Dag gutt an opgehewen ze fillen.

Den Ëmgang mam Kand, d'Diversitéit vun de Spill- a Léierméiglechkeeten an d'Relatiounen mat den Elteren hunn e wesentlechen Impakt dorop wéi d'Kand d'Bildungs- a Betreuungsstruktur erlieft.

Bei dëser Qualitätsdimension gëtt vu "Prozessqualität" geschwat.

Déi lescht Qualitätsdimension betrëfft d'Approche vun der Bildungs- a Betreuungsstruktur fir d'Qualitéit intern weider ze entwéckelen. D'Gesetz gesäit eng Rei Instrumenter vir, fir d'Qualitéit kontinuierlech weider ze entwéckelen. Et ginn och eng Rei Hëllefstellungen zu den eenzelnen Instrumenter. Doriwwer eraus muss all Kannerstruktur awer selwer kucken wéi si bei sech domatt emgeet a waat am beschten op si passt.